Info - Blat

No 24
Juini 2017

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Éier d'Vakanzeperiod ufänkt, ass et un der Zäit fir iech eis Aktivitéiten an deene 6 éischte Méint vum Joer matzedeelen.

19.01.2017 Generalversammlung am Restaurant Scolaire.

35 Memberen haten den Owend fir d'Amicale reservéiert. Dat ass Rekord. Méi jonk Gesichter waren dobäi wat eis besonnesch gefreet huet. E „Schüler" deen 1957, also viru 60 Joer seng Léier als Dréier am Institut ugefaangen huet, koum nees a seng al Schoul.

Desweideren hu mir begréisst;

- den Här Theo Thill, Schouldirekter,
- d'Madame Martine Berchem-Nies, Directrice-Adjointe,
- d'Häre René Tissier an Albert Bonifas, allebéid fréier Schouldirekter,
- d'Madame Du Bois Nadine, Vertriederin vun der Elterevereenegung,
- den Här Claude Haeck vum Comité Culturel

D'Häre Fernand Champagne a Weiler Jean vun de Scouten esou wéi d'Häre Steichen Joseph a John Klein konnten den Owend net dobäi sinn a woren entschëllegt.

Den offiziellen Ordre du jour ass ouni Problem ofgelaf. Duerno, wéi an deene leschte Joeren, hate mir beim Buffet froid an "engem" gudde Patt e puer flott Stonnen. De genëssege Buffet gouf vum "Schoulkach" a senger Équipe preparéiert.

Am Comité ass kee Changement ze verzechnen a setzt sech aus dëse Memberen zesummen :

Jean-Pierre Unsen - Éierepresident a Member, Alphonse Bressanutti - President /Secrétaire, Jean Biever - Vizepresident, Nicolas Laux - Trésorier, Roger Thill - Adressefichier/Hompage/Trésorier adj., Tessy Costantini-Conter, Siggy Kirsch, Jean-Jacques Kohn, Edmond Krier, Luc Ley, Dan Scheid, Marco Streff, Jules Weber.

18.03 2017 an 20.05.2017 Porte Ouverte

Bei der „klenger Porte Ouverte“ den 18. Mäerz gouf wéi an der Vergaangenheet Crémant zerwéiert.

Bei der „grousser Porte Ouverte“ den 20. Mee waren d’Eisekuchen an 3 Variatiounen, Eisekuch mat Zocker, Eisekuch mat Äerdbier an Eisekuch mat Äerdbier a Schmant, um Programm.

Eng ganz Rei fréier Schüler koumen sech de Lycée ukucken. Do konnte si dës traditiounsräich, awer och modern Schoul vum engagéierte Léierpersonal gewise kréien. Bei dëser Geleeënheet huet den LTPEM awer och seng nei Projete virgestallt. De volléquipéierte „Makerspace“ huet vill Interesséierter ugezunn a begeeschtert. Déi nei engleschsproocheg Klassen „Vocational training technician’s stream“; „Electronics“, „IT and Mechanics“ goufen presentéiert.

EM@B03 - un nouveau Makerspace au Lycée technique privé Emile Metz

A l’occasion de l’inauguration du Makerspace, EM@B03, jeudi, le 12 janvier 2017, le Lycée Technique Privé Emile Metz a eu le plaisir et l’honneur d’accueillir le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ainsi que de nombreux amis, partenaires et membres de la communauté scolaire du LPTEM.

La création de ce nouveau Makerspace dans le monde de l’enseignement luxembourgeois s’inscrit à la fois dans la tradition centenaire de formation technique et industrielle du LPTEM, ainsi que dans l’esprit d’innovation indispensable à l’enseignement des technologies les plus modernes. Ce faisant le Lycée Technique Privé Emile Metz adhère pleinement à la stratégie globale du Digital (4) Education élaborée par le Ministère de l’Education nationale.

Les spacekeepers de l’EM@B03 offrent aux élèves intéressés l’accès à l’EM@B03 tous les jours de la semaine durant la pause de midi. Tous les élèves à partir de la 7ème sont donc bienvenus dans cet open space, où les jeunes peuvent travailler sur leurs projets.

Chaque makerspace à ses particularités : l’EM@B03 met tout spécialement l’accent sur l’impression 3D (il dispose actuellement de 4 imprimantes), la gravure et la découpe au « laser cutter », mais aussi sur les plateformes de programmation « Arduino ® » et Raspberry PI ® ».



Tous les élèves à partir de la 7ème peuvent appréhender la robotique par le biais de la programmation avec « Scratch ® » pour ensuite continuer dans le langage de programmation « C ». Ils peuvent également réaliser eux-mêmes des dessins et designs de leurs projets sur ordinateur et en faire la réalisation matérielle en impression 3D tout en y ajoutant des éléments électroniques.

Les résultats sont des « wearables » personnalisés, des robots autonomes, des stations de mesure et aussi des réparations sur des outils de tous les jours.

Notre mission est claire : Réveiller et amplifier la curiosité des jeunes de tout âge pour les technologies et les sciences, afin de former des adultes aptes à participer activement à la création du monde de demain.

Thein Robert, ingénieur en mécanique

18.6.2017 Visite Ausstellung «La forge d'une société Moderne»

Zu 18 ware mir bei dëser interessanter a léierräicher Visite. Eise Guide, d'Madame Françoise Poos, huet eis d'Valeur vun dem socio-historeschen a fotografeschen Potential méi no bruecht. Mat Klassefotoen, Biller mat de Léierjongen am Atelier awer och Sortien vun de Scouten, gi verschidden Facetten aus dem Schoulliewen gewisen.

D'Verbindung Institut – ARBED gëtt mat Fotoen festgehalen. All dës Fotoen goufen mat grousser Suergfalt a Kënnen realiséiert. De Grond seet eis den amerikaneschen Historiker David E.Nye mat dem Saz : « les entreprises créent et contrôlent des photographies et d'autres artéfacts pour promouvoir une image positive de la compagnie ».

D'Schouljoer an d'Exame sinn op der leschter Ligne droite.

Mir wënschen alle Schüler eng schéi Réussite an duerno hinnen an hiren Elteren eng wuel verdéngte Vakanz.

Dir léif Membere sidd net vergiess. Och dir sollt iech an deenen nächste Méint gutt erhuelen a wann dir op Wanderschaft sidd, vill Neies bäiléieren.

Léif Memberen!

Informéiert eis w.e.g. iwwert äre Changement d'Adress. Bei all Courrier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remarque, dat déi Persoun net fond gouf. Schued.

Merci.

Hutt dir eng E-Mail-Adress? Sot eis se w.e.g.

An Zukunft kritt Dir dann de Courrier op är E-Mail. Domat spuere mer Pabeier, Timberen an Zäit. Dësweideren ass dës Méiglechkeet méi ëmweltfrëndlech.

Eis Adresse: amicale@amicale-ltpem.lu

Merci